Op der Schock, asbl stellt an:

1 Chef de service fir eise Service Activités de Jour zu Kéiber (m/f/n), CDI 40St./Woch

Missioun:

- Leedung vum Team vum Service Activités de Jour (Leedung vun Teamversammlungen, Mataarbechtergespréicher, Erstellung a Suivi vun de Schaffpläng, Gestioun vum Congé vun de Mataarbechter ...)
- Zesummen mam Coordinateur d'Leedung vum Service assuréieren an fir e gudde Fonctionnement suergen
- Zesummenaarbecht mam Coordinateur an organisatoreschen an administrativen Aarbechten
- De Coordinateur ersetzen, wann deen am Congé ass
- Encadrement vun engem Grupp vu Mënsche mat enger intellektueller Beanträchtegung am Service Activités de Jour
- Ëmsëtze vun individuelle Förderpläng déi et de Mënschen erméiglechen hir Fäegkeeten weiderzeentwéckelen an hir Autonomie förderen
- Op Basis vun de Bedierfnisser an de Ressourcë vun dëse Leit eng zilorientéiert Begleedung an Dokumentatioun duerchféieren

Qualifikatioun a Kompetenzen:

- Een zu Lëtzebuerg unerkannten Diplom als Heilpädagog
- Minimum 10 Joer Beruffserfarung mat Mënsche mat enger intellektueller Beanträchtegung
- Minimum 5 Joer Beruffserfarung an der Leedung vun engem Team
- Freed an Engagement an der Aarbecht mat Mënsche mat enger intellektueller Beanträchtegung
- Eng respektvoll, wohlwollend an léisungsorientéiert Haltung an der Aarbecht
- Freed a Motivatioun, den Equipegeescht ze förderen
- Excellent Kommunikatiounskompetenzen (net wäertend, faktebaséiert,...)
- Kapabel, autonom ze schaffen a Responsabilitéit ze iwwerhuelen
- Gutt Kompetenzen an der Verschréftlechung
- Strukturéiert a koordinéiert Schaffen, gutt Zäitgestioun
- Flexibilitéit an Teamfäegkeet
- Gutt PC-Kenntnisser

Konditiounen:

- Salaire a Conditioune vum CCT SAS
- Sproochen: Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch
- Führerschäin B
- Well dir mat Mënsche mat enger Behënnerung schafft, gëtt och een Extrait (3,4 an 5) aus dem Casier judiciaire gefrot

Lëtzebuergesch schwätzen ass eis wichteg, fir dass déi betreite Persounen hir Betreier verstinn.

Wann Dir interesséiert sidd, **schéckt Är Demande bis den 15. Mäerz** (Liewenslaf, Motivatiounsbréif, Foto, Kopie vum néidegen Diplom a senger Unerkennung zu Lëtzebuerg) un:

Op der Schock
Ressources humaines
B.P.10 L-8501 Redange

Oder per E-Mail un: **recrutement@ods.lu**

Eng éischt Selektioun gëtt opgrond vun den Dossiere gemaach
Fir weider Informatiounen, kënnt dir eis gäre kontaktéieren.

Tel: **00352 26 62 18 81 – 1** E-mail: **recrutement@ods.lu**